

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmoos, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Inneministesch Taina Bofferding.

Prise de position du Gouvernement

Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur | Jo, merci, Här President. Fir d'éischt géif ech dann dem Rapporteur Merci soe fir säi schrëftlechen a mündlechen Rapport an och fir déi Zoustëmmung hei vun all de Fraktiounen. Bon, et ass jo gesot ginn: Mir ginn hei an d'Verlängerung, fir dass eeben d'Gemenge kënnen weiderhi vun deenen temporäire Mesurë profitéieren.

D'Fro, déi gestallt gouf, ob eis bekannt wär, dass et elo zu Zwëscheffäll komm wier respektiv zu Problemer: Also, mir féieren am Interieur elo keng Statistik iwwert d'Visioen. Do kann ech elo keng Zuele liwweren. Mir wëssen och net, wien elo wierklech dovunnen profitéiert huet a wien net. Mee ganz vill Gemenge sinn awer op dee Wee gaangen an hunn dee Moment eeben hir Sitzungen iwwer Visio an iwwert de Live-streaming gestreamt.

Eis ass net bekannt, dass do eeben, wéi gesot, e gréissere Problem gewiescht wär. Bis elo ass dat an deem Sënn gutt iwwert d'Bün gaangen. Esou freet dat eis natierlech!

An och d'Kommissiounssitzungen – dat war elo d'Fro vum Här Goergen –: Also, et ass net verbueden, d'Kommissiounssitzungen och iwwer Visio ze maachen. Ech mengen, dat ass eng Approche, déi d'Gemenge selwer kennen dee Moment wielen, wa se dat wëlle maachen. Ech mengen, alles, wat dozou bäidréit, dass d'Leit sech politesch engagéieren an dass se kënnen vun deene verschiddenen Offere profitéieren, solle mer eeben esou de Kader setzen – an dat maache mer jo mat deem Gesetz.

Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmoos der Madamm Bofferding. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8091. Den Text steet am Document parlementaire 8091³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8091 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Laurent Mosar), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lambert et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Dan Biancalana) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

5.7514 – Projet de loi portant modification :

1^o de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 ;

2^o de l'article 2045 du Code civil ;

3^o de la loi du 11 juillet 1957 portant réglementation du camping ;

4^o de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux ;

5^o de la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif ;

6^o de la loi modifiée du 23 février 2001 concernant les syndicats de communes ;

7^o de la loi électorale modifiée du 18 février 2003 ;

8^o de la loi modifiée du 8 avril 2018 sur les marchés publics ;

9^o de la loi modifiée du 24 juin 2020 portant introduction de mesures temporaires relatives à la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 et à la loi modifiée du 27 mars 2018 portant organisation de la sécurité civile dans le cadre de la lutte contre le Covid-19

Den nächste Punkt um Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 7514, eng Rei Ofännerungen am Kader vun der aktueller administrativer Iwwerwaachung vun de Gemengen duerch de Staat. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo d'Madamm Rapportrice vun deem Projet de loi, déi honorabel Madamm Simone Asselborn-Bintz.

Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Égalité entre les femmes et les hommes

Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP), rapportrice | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi, dee mer hei virleien hunn, stellt eng éischt Etapp zu enger méi grouss ugeluechter Reform vum Gemengegesetz duer. Duerfir géif ech den Text, iwwert dee mer hei herno ofstëmmen, als éischt a säi Kontext setzen.

D'Gemengegesetz staamt aus dem Joer 1988. Sait ronn 20 Joer gëtt doriwwer nogeduecht, ob een d'Relatioun tëscht de Gemengen an dem Staat net misst nei definéieren. Eng ganz ëmfaassend Aarbecht dozou gouf an de Joren 2004 bis 2008 hei an der Chamber an enger Spezialkommissioun zur territorialer Reorganisatioun vu Lëtzebuerg geleescht. De ganz detailléierte Rapport huet eng ganz Rei Pisten opgeléicht, huet awer och d'Schwierigkeete vun enger fundamentaler Reform opgezeechent. Et koum an deene Joren duerno awer net zu enger grousser Reform. En éischte Schratt awer an déi Richtung ass

2015 mat dem Ofschaf vum den Distriktskommissäre gemaach ginn.

Dës Koalitioun huet dann elo en neien Ulaf geholl an an hirem Accord eng méi breed Moderniséierung vum Gemengegesetz ageschriwwen. Fir dës Reform virzebereeden, huet d'Inneministesch Taina Bofferding 2019 e participative Prozess lancéiert, fir mat den Acteuren um Terrain déi weesentlech Punkte vun enger Reform ze identifizéieren an d'Vuë vun deene Leit matanzebannen, déi déi nei Bestëmmungen herno och mussen ëmsetzen.

Well esou eng Reform och ganz vill Aspekter ëmfaasst a vill Zäit an Usproch hält, huet d'Regierung decidéiert, an Etappe virzegoen. Den éischten Deel also betrëfft elo d'Tutelle administrative. Eigentlech hate mir jo gehofft, dass grad dësen Deel, bei deem jidderee sech eng Vereinfachung gewünscht huet, e bësse méi séier kéint ofgeschloss ginn.

D'Inneministesch huet de Projet de loi 7514 jo schonn de 15. Januar 2020 deposéiert. D'Avis vum der Chamber des Fonctionnaires et Employés publics an och vum Syvicol koumen am Mäerz respektiv am Juli eran, allerdéngs huet et nom Depot annerhalft Joer gedauert, bis mer den Avis vum Staatsrot kruten. Den 10. Januar 2022 sinn d'parlamentaresch Amendementer du vum Staatsrot zrëckkomm (veuillez lire: dunn un de Staatsrot zrëckgaangen) an duerno ass et dann awer och méi séier virugaang, mee mir hunn awer nach zwou Navettë mam Staatsrot gebraucht, fir Onkloerheeten ze berengegen.

Wourëm geet et also am Projet de loi? D'Haaptzill ass eng Vereinfachung vun der Tutelle administrative, dat heescht vun der Aart a Weis, wéi de Staat d'Gemenge kontrolléiert. Am allgemengen Interessi ass de Staat verpflichtet sécherzestellen, dass d'Gemengen de legale Kader, deen de Staat virgëtt, respektéieren. Dës Prinzip gëtt och net a Fro gestallt. Et geet awer drëm, der Verhältnisméissigkeet vun deem Contrôle de légalité par rapport zur Bedeitung vun den einzelnen Akte besser Rechnung ze droen.

Et kënnt hei also zu engem Paradigmewiessel, andeems am Prinzip d'Akten, déi vum Gemengerot ugeholl ginn, executoire sinn, dat heescht, dass se direkt a Kraaft kënnen treden, ouni dass op d'Approbatoun vum Inneministère muss gewaart ginn. Fir bestëmmten Akten awer, déi am Text och festgehalleg sinn, ass awer eng obligatoresch Transmissioun un de Ministère virgesinn. Dat bedeit net, dass et keng Kontroll vum Staat méi géif ginn, d'Suspensioun an d'Annulatioun vu Gemengendevisiounen bleiwen och méiglech, allerdéngs just innerhalb vun engem respektiv vun dräi Méint.

An da bleiwen awer nach eng ganz Rei Decisiounen, besonnesch am Beräich vun de Gemengefinanzen oder anere wichtege Dossier, wou weiderhin och nach eng Approbatoun néideg ass. D'Gemenge behalen och eng Rekursméiglechkeet géint eng Suspensioun, d'Annulatioun oder e Refus vun dëser Approbatoun.

Fir déi nei Prozeduren dann elo méi einfach ze maachen, gëtt vum Inneministère eng Plattform d'échange électronique ageriicht, fir eng sécher an och eng séier Transmissioun vun Dokumenter ze erméiglechen.

De Contrôle vum Staat iwwert d'Gemenge soll also méi effikass ginn an onnéideg schwéierfällige Prozeduren solle vereinfacht ginn. Et war de Wonsch vun der Regierung, op dës Manéier d'Autonomie communale ze stäerken an dem Staat net nëmmen d'Roll vum Kontroller, mee och a virun allem vum Beroder a Partner vun de Gemengen ze ginn.

Nieft e puer méi klengen Ännerungen am Gemengegesetz gëtt dem allgemenge Wonsch vun de

Gemenge Rechnung gedroen, eng Ausnamebestëmmung definitiv mat an d'Gesetz ze iwwerhuelen: Ech schwätzen hei vun der Méiglechkeet vun der Procuratioun am Gemengerot. Wéi de Carlo Weber jo virdrun a sengem Rapport zum Projet de loi 8091 erklärt huet, hu mer jo opgrond vun der Pandemie eng Derogatioun vum Gemengegesetz virgesinn – a se ass och elo verlängert ginn –, déi et erlaabt, iwwer Visio-konferenzen u Gemengen- a Schafferotssätzungen deelzehuelen oder engem anere Member eng Procuratioun ze ginn, wann ee selwer net deelhuele kann.

Mir perenniséieren elo mat dësem Gesetz d'Méiglechkeet vun der Procuratioun fir d'Gemengerotssitzungen. Dat selwecht gëllt fir d'Syndikater an och d'Établissements publics, déi de Gemengen ënnerstinn. Déi aner Ausnamereegelung, déi besonnesch d'Participatioun iwwert d'Visiokonferenz betreffen, bleiwen awer temporaire a lafen den 31. Mäerz 2023 aus, soufern dëst net awer nach iwwert e Gesetz kéint verlängert gin; dat wësse mer jo elo nach net, mir hu keng Glaskugel, mee bis elo mol bis den 31. Mäerz.

Deen, deem eng Procuratioun ofgëtt, braucht dat net speziell ze begrënnen. De Legislateur gesäit awer trotzdem dora weiderhin eng Mesure, déi nëmmen an dréngende Fäll sollt genotzt ginn an net aus enger renger Convenience personnel heraus. Et sief gesot, dass am Ufank geduecht war, dës Procuratioun un eng Instruction de vote ze bannen; opgrond vu Bemerkungen vum Staatsrot ass dunn awer dorobber verzicht ginn.

Wat d'Avisé betrëfft, sou hunn déi meescht Remarken an Oppositions formelles vum Staatsrot sech op e Mangel u Präzisioun, Inkohärenzen am Text oder eng gewëss Insécurité juridique bezunn. E grousses Changement awer par rapport zum initialen Text gëtt et virun allem, wat d'Charte de déontologie ugeet. Den Text, deem deposéiert gouf, hat de Prinzipp vun esou enger Charte virgesi mat der Iddi, dass d'Detailer dozou géifen iwwer Règlement grand-ducal festgeluecht ginn. De Staatsrot war awer der Meenung, dass dat net conforme zum Artikel 32 Paragraph 3 vun der Verfassung wier an dass déi deontologesch Reegelen sollen an d'Gesetz ageschriwwen ginn. D'Charte de déontologie ass doropshi ganz aus dësem Projet de loi erausgeholl ginn. Mir fannen dës Reegelen dann elo erëm an engem neie Projet de loi, deem en zweeten Deel vun der Reform vum Gemengegesetz duerstelle soll.

De Syvicol äussert sech a sengen Avisé generell ganz positiv zu dësem Projet de loi. Hie begréisst virun allem, dass e vun Ufank un an d'Ausschaffe vum Projet mat agebonne war an dass vill vu sengen Iddien iwwerholl gi sinn. Punktuell gëtt et awer och Demanden vum Syvicol, déi net esou zréckbehale gi sinn.

Eng grouss Demande ass déi, dass d'Digitaliséierung vun den Echangé mam Staat virugedriwwen gëtt an dass een net bei enger renger Transmissiounsplattform stoe bleift. Dat bezitt sech elo net nëmmen op den Inneministère, mee de Wonsch ass, dass all Prozeduren an Echangé mat staatlecher Verwaltung kënnen elektronesch ofgewéckelt ginn.

Wéi virdru schonn erwäant, krute mer och den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics. Och si begrëssen de Fait, dass d'Prozeduren an Zukunft méi einfach a méi séier kënnen ëmgesat ginn a ginn och hiren Accord zu dësem Projet de loi.

Ech wär domadder um Enn vu mengem net schrëftlechen, mee mëndlechen Rapport ukomm an ech soe jiddwerengem Merci, all de Beamten an all de Leit, déi matgeschafft hunn, fir dëst Gesetz auszeschaffen, an och all de Leit am Ministère an och ronderëm, déi derzou bäigedroen hunn, dass dëst Gesetz zustane komm ass.

An ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools der Madamm Rapportrice Simone Asselborn-Bintz.

An och dës Kéier ass den éischten ageschriwwene Riedner den honorabelen Här Michel Wolter. Här Wolter, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Michel Wolter (CSV) | Här President, ech soen Iech Merci fir d'Wuert. Ech soen der Madamm Asselborn-Bintz Merci fir hire Rapport, dee ganz ausféierlech war an dee mer et erlaabt, meng Intervioun op e puer politesch Punkten ze resuméieren.

Mir hunn eis deemools effektiv tëschtent 2004 an 2009 an där Kommissioun „Réorganisation territoriale du Luxembourg“ ganz vill Méi gemaach, fir d'Beschreibung vun der Gemeng vun der Zukunft ze maachen. Allerdéngs muss ech feststellen, eng 15 Joer duerno, dass net ganz vill vun deem, wat deemools hei an der Chamber wierklech ugeduecht war – nämlech eng weesentlech Vereinfachung a Moderniséierung vum Gemengesecteur – entre-temps ëmgesat ass.

Deen Ulaf, deem hei gemaach gëtt vun der Inneministesch, dee gesi mer ganz positiv. Et sinn elo dräi Deeler annoncéiert, fir zumindest an Deeler vum Gemengesecteur eng Rei vun Neigestaltungen ze maachen. Et soll moderniséiert, vereinfacht an digitaliséiert ginn. Dësse Projet fänkt zumindest un ze digitaliséieren: Et gëtt eng Plattform geschaaft. Ech wëll am Numm vun der CSV soen, dass mir der Meenung sinn, esou wéi de Syvicol dat an hirem Avis gemaach huet, dass een déi Plattform an deenen nächste Méint a Jore sollt ausbauen, fir doraus eng richtig Plateforme d'échange ze maachen.

Mir verstinn awer och, dass een emol ufänkt. Et fänkt een emol un an dann duerno mécht een dat au fur et à mesure, wéi een da virukënnt, baut een dat tëschtent dem Interieur an de Gemengen aus, fir déi Aller-retouren, déi mer haut awer nach hunn, déi ganz schwéierfällg sinn zum Deel, ze verbesseren. An duerno kann ee sech och Gedanken maachen, fir dat mat anere Ministären ze maachen.

Et sinn allerdéngs, dat muss ee soen, an dësem Projet de loi eng ganz Rei Punkten och op der Streck bliwwen, dat opgrond vun den Opposition-formelle vum Staatsrot, deem net all Propositionen, déi hei komm ass, gutt fonnt huet. Esou wéi d'Rapportrice dat gesot huet, d'Charte de déontologie, wou ech elo héieren hunn, dass déi an engem neie Projet de loi nach eng Kéier zur Sprooch kënn... Ech wëll allerdéngs soen, dass mir als CSV do ganz genau wäerte kucken, dass déi Charte de déontologie, déi am Gemengesecteur agefouert gëtt, net disproportionéiert gëtt par rapport zu deene Charten, déi mer fir d'Regierungsmitgliedern a fir d'Deputéiert hunn.

D'Gemenge kréien eng Rei Rechter bäi, mee vu datt ech Inneminister war während zéng Joer, wëll ech d'Gemengen drop opmierksam maachen, datt se och eng Rei vu Responsabilitéite bäikréien. Et konnt ee sech ëmmer ganz fein hannert dem Prabbeli vum Interieur verstoppen, wann een e Problem hat, deem een net geléist krut. Wann een, wéi d'Madamm Minister dat elo mécht, de Gemenge méi Rechter gëtt, doduerch datt een d'Tutelle vereinfacht, kréien d'Gemengen en contre-partie awer och vill méi Responsabilitéit, an d'Gemenge misste sech däers bewosst sinn!

Ech hunn net d'Impressioun, dass dat bis elo gemaach ginn ass, an ech géif do froen, dass d'Gemenge wierklech drop opmierksam gemaach ginn, datt, wat d'Tutelle méi ewechfält, wat also de Prabbeli méi ewechfält, hannert deem ee sech do ka verstoppen,

d'Gemenge sech och méi mussen opstellen, fir datt se um Niveau juridique notament hir Responsabilitéit kënnen iwwerhuelen.

Als Buergermeeschter vun enger vun de Gemenge mat deene meeschte Leit, wëll ech soen, dass esouguer mir et schwéier hunn, soudatt ech mer net wëll virstellen, wéi dat a Gemengen ass, déi bedeitend manner Leit a bedeitend manner Moyenen hunn, fir kënnen deenen doten Aarbechten nozegoen.

Et war am Exposé des motifs och vum „État conseiller“ geschwat ginn. Allerdéngs muss ee soen, dass an dësem Text ganz wéineg Dispositionen – wann iwwerhaupt eng Disposition – iwwert den État conseiller dran ass. Ech hoffen, dass d'Ministesch do an deenen nächste Projeten, déi kommen, eng Rei vun Dispositionen derbäisetzt, fir eeben dee Punkt, deem ech elo genannt hunn, tëschtent méi Responsabilitéit an awer och nach Bei-engem-Partner-nofroe-kënnen, deem engem hëlleft, wann een eng Schwieregkeet huet ...

Ech ginn e Beispill: De Rekrutement, d'Aklasséierung vum Personal, dat ass e Punkt, un deem sech ganz vill Gemengen d'Auer brieden, well d'Gesetzter méttlerweil esou komplizéiert sinn an d'Leit a Karriäre sinn, déi esou multi sinn, also tëschtent dem Aarbechter an dem Fonctionnaire, datt se ganz vill Schwieregkeeten hunn. D'ailleurs, bei de Kontrollen, déi vum Interieur gemaach gi bei de Gemengen, ass mer gesot ginn: Entre-temps ass dee Punkt, bei deem déi meeschten Observatiounen kommen, dass d'Paie schlecht, falsch an nach anescht gerechent ginn.

Ech hat héieren – de President vum Syvicol hat mer dat gesot –, dass géif driwwer nogeduecht ginn, am Interieur eng Divisioun ze schafen, déi de Gemengen an deem Beräich kéint hëlleften. Ech géif Iech, Madamm Minister, encouragéieren, dat ze maachen! Dir géift d'Gemenge ganz staark entlaaschten, wann am Interieur eng Divisioun géif bestoen, déi spezialiséiert wier op d'Karriäre vun deenen eenzelne Fonctionneuren, déi mir am Gemengesecteur hunn, fir de Gemengen eng echt Entlaaschtung op engem Punkt ze ginn, wou et a) ganz schwierig ass, Personal ze fannen, dat kompetent ass, a mer b) awer och gesinn, dass ganz vill Geraibers ass am Sektuer fir ze kucken, gutt Leit vun enger Gemeng op déi aner eriwuerzekeréien, dee Moment, wou een e Gudden aus iergendengem Grond, engem gudden Grond verléiert.

Déi gréisst Ännerung ... O, entschëllegt, sinn ech scho färdig mat menger Zäit! Dann, wann Der just erlaabt, Här President, nach ganz kuerz: Fir mech ass eigentlech déi gréisst Ännerung déi vum Vote par procuration généralisé, deem elo an dësse Projet kënn. Dat ass eigentlech eng komplett Ännerung vun der Aart a Weis, wéi de Gemengesecteur bis elo fonctionnéiert huet.

Ech perséinlech hu meng Reserven, ech hunn dat schonn ëfters gesot. Ech war ëmmer der Meenung an ech bleiwen der Meenung, datt d'Gemeng dovunner leeft, dass d'Leit sech gesinn, dass d'Gemeng dovun leeft, och an de Gemengeréit an an de Schafferéit, dass d'Leit sech gesinn.

Et gëtt gesot – d'Rapportrice huet dat gesot, anerer soen et –, et wär eng riseg Demande am Sektuer, fir op dee Wee ze goen, deem elo kënn, fir iwwer Procuratiounen ze goen. Der Madamm Thill wëll ech soen, datt wann een a senger Excuse kee Grond muss ugin, dass et ganz schwéier ass fir eng Ministesch, engem duerno ze soen, aus wat fir enge Grënn d'Leit net komm sinn. Gouf et Abusen? Gouf et keng?

Et gouf der ganz sécher. Ech kennen der eng Rei, déi awer net bis op den Interieur kommen, well dee Moment, wou s du keng Excuse muss ginn, wou s du de Grond eigentlech net muss ugin, firwat dass de net

un der Sitzung deelhëls, vun deem Moment u kanns de jo och net vun engem Abus schwätzen. Den Abus kéins de just diskutéieren, wann s de an e System gaange wiers, wou s de gesot hëss, du misst wirklech ganz genau seën, aus wat fir engem Grond dass de net do bass, an dee géif dann iwwerpréift ginn.

Ech hoffen, dass mer mat där heite Measure net an e System kommen, dass d'Leit an d'Vakanz fueren, dass d'Gemengerotssitzungen net méi müssen dohinnergeluecht ginn. Ech hunn et ëmmer als en Deel vum klengen Perimeter vun eiser Politik ugesinn, dass et wichteg wär, dass d'Leit sech physesch géifen am Gemengerot an och am Schäfferot begéinen.

Wann et awer de Wonsch ass vun enger grousser Majoritéit, wëll ech mech där Moderniséierung vun eiser Gesellschaft op deem Punkt net widdersetzen a meng Partei wäert dann och dee Projet de loi sous le bénéfice, deen e vun där enger oder anerer awer vläicht e bësse méi kritesch-positiver Approche, déi mer hei un den Dag geluecht hunn, matkritt, matdroen.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Wolter. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Claude Lamberty. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Lamberty (DP) | Merci, Här President. Iwwert déi lescht Wochen, Méint, jo, Joren ass vill vun der Reform vum aktuelle Gemengegesetz geschwat ginn.

Et geet ëm e Gemengegesetz, dat de Besoine vun enger moderner Gemeng ugepasst soll sinn, andeems de Fonctionnement vun de politeschen Organer verbessert gëtt, d'Biergerbedelegung verstärkt a gefërdert gëtt a last but not least schwéierfällg administrativ Prozedure vereinfacht an och beschleunegt solle ginn; e gesetzleche Kader, deen der Aarbechtsevolutioun op de Gemengen iwwert déi lescht Joerzénge Rechnung dréit, an eisem Gemengenapparat déi néideg, adequat Méiglechkeeten zur Dispositioun stellt, fir eng modern, fir eng biergerno, fir eng gutt fonctionéierend Gemeng kënnen ze garantéieren.

Meng Virriedner sinn allen zwee op den Historique agaangen, dofir kann ech elo soen: Ech mengen, an deem Kontext haut, do maache mer Neel mat Käpp! Mam Vott vum Projet de loi 7514 gëtt en éischte wichtige Schratt zu engem neien, modernen an eiser Zäit och ugepasste Gemengesetz geholl, e Projet de loi fir méi Autonomie a Responsabilitéit fir eis Gemengen.

Nach eng Kéier, fir d'alleréisch awer, datt ech et net vergiessen, e ganz grouse Merci der Madamm Rapporteuse, der Madamm Asselborn-Bintz, fir hire gudden schréfflechen a mündlechen Rapport. Dës detailléiert Explikatiounen erlaube mir et dann och, éischter e puer Remarken zum Gesetz ze maachen. Verschiddener vun eis heibannen, déi och e Gemengemandat ausféieren, stelle jo reegelméisseg op kommunalem Niveau fest, dass divers Votten am Gemengerot, déi duerch dat aktuell Gemengegesetz verankert sinn, net méi onbedéngt der aktueller Realitéit entsprechen einfach net méi zäitgeméiss sinn.

Et ass och wichteg an et gëtt och héich Zäit, dass mir d'Leit um Terrain net duerch Iwwerreglementatiounen blockéieren an hinnen hir Autonomie limitéieren. An deem Kontext begrësse mir als Demokratesch Partei ganz kloer, dass mat dësem Projet de loi de System vun der Surveillance vum Gemengesector moderniséiert gëtt, andeems d'Prozedure vereinfacht ginn, fir esou an Zukunft méi einfach a méi effikass kënnen ze schaffen.

Anescht gesot: méi Autonomie a Responsabilitéit fir eis Gemengen, andeems intern Prozedure vereinfacht ginn an divers Prozesser verkierzt ginn, jo, einfach eng Simplification administrative, eng reell Simplification administrative, déi de Responsablen um Terrain zegutt kënn!

E wichtegen Aspekt, wat déi Simplification administrative ugeet, ass d'Aféierung vun engem méi einfachen Kontrollsystem, der sougenannter „transmission obligatoire“, déi de Gemenge vill wäertvoll Zäit wäert erspieren.

Des Weideren ass et och luewenswäert, dass d'Montante vun de kommunale Bauprojeten, déi dem Interieur zur Approbation musse virgeluecht ginn, eropgesat ginn. D'Produktivitéit um Terrain wäert hei kënnen gesteigert ginn, well eng ganz Rei vun den Approbatiounen, déi vum Interieur musse geneemegt ginn, einfach carrement wäerte gestrach ginn.

Här President, wa mer vun der Simplification administrative schwätzen, däreft de Volet vun der Digitaliséierung natierlech net vergiess ginn. Och am Gemengesector spillen déi nei Technologien eng ëmmer méi grouss Roll, dofir ass et begrëssenswäert, dass mam Vott vun dësem Projet d'Transmission par voie électronique agefouert gëtt.

Jo, och wa mer nach e Wee virun eis leien hunn am Kader vum Digitaliséierungsprozess, esou gesi mir als DP ganz kloer d'Virdeeler vun der Transmission par voie électronique, e flexibel an transparent Instrument, dat un haiteg modern Aarbechtmethoden ugepasst ass an et verschiddene Services erlaabt, gläichzäitg un den nimmlechten Demarchen ze schaffen. Déi Hellewull u verschiddenen Informatiounen ginn zentraliséiert a kënnen esou eng méi séier a verbessert Kommunikatioun tëscht dem Interieur an de Gemenge garantéieren. Als Demokratesch Partei begrësse mir d'Transmission par voie électronique ganz kloer! Mat dësem Gesetzesprojet maache mer e weidere wichtige Schratt, fir eis Gemengen digital fit fir d'Zukunft opzustellen.

Här President, mam Vott vun dësem Gesetz huele mer als Chamber eis Responsabilitéit, fir déi laang ugekënnegt a batter néideg Simplification administrative um Terrain ëmzesetzen an esou de Besoine vun enger moderner Gemeng Schrëtt fir Schrëtt nozekommen.

Déi verschidde Verbesserungen, déi mer haut erbäiféieren, erlaben de Gemengeresponsablen, hir Zäit an Energie anescht a méi produktiv anzesetzen. Heivunner wäert jidderee profitéieren, indirekt och eis Bierger – en éischte wichtige Schratt, fir eis Gemenge fit ze maache fir d'Zukunft!

An deem Sënn ginn ech den Accord vun der DP-Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauscheren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Lamberty. An da wier et um honorablen Här Dan Biancalana. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

M. Dan Biancalana (LSAP) | Jo, merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, de gudden Fonctionnement vun de Relatiounen tëscht dem Staat an de Gemengen, jo, deen huet e weesentlechen Impact op d'Zesummeliewen an eiser Gesellschaft, och wann dat net ëmmer vun eise Biergerinnen a Bierger esou direkt wouergeholl gëtt.

D'Tutelle administrative ass natierlech och do e wichtige Bestanddeel dervun. De Projet de loi, iwwert dee mer haut de Mueren hei befannen, vereinfacht d'Prozeduren, déi am Moment – an et ass schonn e puermol de Mueren ugeklonge bei de Virriedner – onnéideg schwéierfällg sinn. Domat geet oft Zäit

verluer an Decisiounen kënnen net direkt ëmgesat ginn. Eng administrativ Vereinfachung gëtt ausserdeem natierlech och personell Ressourcë fräi: D'Personal souwuel am Inneministère wéi och an de Gemenge kritt domadder also Zäit, aner wichtige Aufgaben unzuhuelen, an där hu mer der an de Gemenge méi wéi genuch.

Dësen Effikassitéitsgewënn stäerkt natierlech awer och d'Gemengenautonomie, déi och de Mueren an der iwwerschaffter Verfassung verankert gouf. Mee et notzt näischt, dat wësse mer och allegueren heibannen, um Pabeier d'Gemengenautonomie ze garantéieren, wann d'Gemengen net déi néideg finanziell an och personell Mëttelen hunn, fir dat ze maachen, wéi just dat, wat d'Gesetz am Fong dann och virschreift.

D'Gemengenautonomie, dat wësse mer och heibannen, dat ass kee Selbstzweck. Déi beweegt sech effektiv an engem kloer definéierte Kader, an awer och de „principe de connexité“, deen och de Mueren an der iwwerschaffter Verfassung festgehale gouf, ass do e wichtige Schratt géigeniwwer de Gemengen, an och do huet dann de Staat d'Responsabilitéit, déi néideg finanziell Mëttelen zur Verfügung ze stellen.

Et gëtt einfach Aufgaben, déi um lokale Plang sécher besser gehandhaabt a geréiert kënnen gi wéi um nationalen, well et um Terrain och Ënnerscheeder gëtt tëscht de Gemengen, an d'Decisiounen, déi ginn natierlech och geholl am Kader vun de lokale Gegebenheeten, sou wéi ee se virfënn, a ginn och deementsprechend ugepasst. An d'Gemenge brauchen also och e gewëssenen Handlungsspillraum. Fir d'LSAP ass dat op alle Fall immens wichteg.

An d'Gesetz, dat mer de Muere stëmmen, dat stäerkt och dësen Handlungsspillraum vun de Gemengen, stäerkt d'Bewosstsäinsgefill vun de Gemengen, well „ënnert der Tutelle stoen“, jo dat hannerléisst ëmmer esou déi negativ Konnotatioun, dass d'Gemengen net capabel wieren, responsabel ze handeln – an dat ass bei Wäitem net de Fall!

Mat der Reform hei vun der Tutelle administrative, wou meeschtens keng Approbation vum Ministère méi néideg ass a just e Contrôle a posteriori nach do ass, kréien d'Gemenge méi Responsabilitéit. Et gëtt der ganz vill, déi och no där Responsabilitéit froen, dat säit Längerem, mee et ass natierlech och wichteg, wéi et och virdrun hei ugeklongen ass, och deen néidegen Equilibre eranzebréngen, also dass och d'Responsabilitéit vum Staat do ass, déi berodend Funktioun ganz kloer méi effektiv an de Virdergrond ze stellen.

Dir wësst allegueren, dass d'Aufgaben, déi d'Gemenge bewältege mussen, villschichteg sinn an och ëmmer méi komplex ginn, an dofir, wéi gesot, gëtt och déi berodend Funktioun, déi Roll vum Staat ëmmer méi wichteg. Mee dat gëllt, wëll ech hei soen, net nëmme fir den Inneministère, mee an den Ae vun der LSAP fir all Verwaltungen, déi am enge Kontakt si mat de Gemengen an déi och Autorisatiounen vis-à-vis vun de Gemengen ausstellen.

Une voix | Très bien!

M. Dan Biancalana (LSAP) | Ech ginn am Numm vun der LSAP-Fraktioun den Accord hei zu dësem Gesetz.

Mir wëssen, dass déi zweet Reform vum Gemengegesetz um Instanzwee ass, an ech mengen, och do ginn nach weider Aspekter vun der Zesummenaarbecht gereegelt. Ech mengen, et ass wichteg, hei an enger Zesummenaarbecht ze schaffen, eng echt Partnerschaft ze hunn zwëschen Staat a Gemengen, an effektiv vun där renger Kontrollfunktioun

ewechezekommen, wéi mer mer se bis dato kannt hunn. An haut leeë mer hei den éischte Grondsteen.

Ech soen Iech Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Biancalana. An da wier et elo um honorabelen Här Marc Hansen. Här Hansen, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Hansen (déi gréng) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi scho vu menge Virriedner gesot, ass d'Gemengegesetz op ville Punkten net méi un déi haiteg Zäit ugepasst. Eng Moderniséierung ass deemno méi wéi iwwerfällég.

Esou wéi mäi Fraktiounskolleeg, de François Benoy, scho während dem Débat de consultation iwwert d'Reform vum Gemengegesetz gesot huet, sinn déi gréng fir staark an attraktiv Gemengen am Déngscht vum Bierger an op der Héicht vun der Zäit an datt iwwerall am Land, onofhängeg vun der Gréisst vun der Gemeng, well all Bierger huet déi beschtméiglech Offer zegutt, egal wou e wunnt. Eng Gemeng, wou de Buergermeeschter oder d'Buergermeeschtesch genuch Zäit huet, wou d'Buergerinnen an d'Bierger net nëmmen informéiert, mee aktiv agebonne ginn a wou och den éffentleche Wunnengsbau, d'Mobilitéit, dat Soziaalt an den Ëmwelt- a Klimaschutz kloer Prioritéit sinn.

Dofir begrëssen déi gréng déi déifgräifend Reform vum Gemengegesetz, un där mer grad an e puer Etappe schaffen.

Haut wäerte mer mam Gesetz iwwert d'Tutelle administrative den éischten Deel ëmsetzen, dee virun allem eng daitlech Simplification administrative fir d'Gemengen, awer och fir den Tutellesministère mat sech bréngt a vum Gemengendaachverband Syvicol scho laang gefuerdert gëtt.

Aner Voleten, wéi de Code de déontologie, de Congé politique, d'Gemengemandater, de Statut vum „élu local“, d'Trennung vun de Mandater an esou weider, sinn entweder schonn um Instanzewee, an der Ausaarbechtung oder nach an der politischer Diskussioun an hunn dee Moment aus grénger Siicht de Wee a Richtung Instanzewee leider nach net gepackt.

Ech wëll op dëser Plaz och nach eng Kéier ausdrécklech begrëssen, datt d'Inneministesch am Virfeld vum Debat hei an der Chamber interesséiert Bierger a Gemeengeverrieder consultéiert huet. Eng Biergerparticipatioun, déi d'Bierger net just informéiert, mee consultéiert an encouragéiert matzeschaffen, gëllt et och an Zukunft aktiv ze notzen an auszebauen, besonnesch och bei der weiderer Reform vum Gemengegesetz.

déi gréng sinn der Meenung, datt et e gesetzleche Kader brauch fir ze definéieren, wou a wéi Biergerbedeelegung an der Gemeng soll oflafen, duerfir hunn eis och der Madamm Ministesch hir Aussoe bei der Debat vum Klima- a Biergerrot besonnesch gefreet, wou si ugekënnegt huet, un esou engem gesetzleche Kader ze schaffen.

Dir Dammen an Hären, mam Projet de loi 7514 gëtt d'Tutelle administrative vum Ministère op d'Gemengen net nëmmen daitlech vereinfacht, mee et ass och d'Mise en place vun enger neier Approche. Et geet drëms, mat méi Berodung, awer manner Kontroll méi eng partnerschaftlech Relatioun tëscht dem Staat an de Gemengen entstoën ze loossen.

Ech zielen elo net nach eng Kéier all d'Haaptelementer op. Mir hunn et elo schonn e puermol héieren. Kloer ass awer, datt duerch d'Ofschaf vum der explizitter Zoustëmmung vum Inneministère fir d'Hallschent vun de ronn 70 kommunale Prozeduren an

duerch méi Digitaliséierung a méi Dematerialiséierung vun de Prozeduren d'Gemengen ab elo méi flexibel, effikass a schnell an, jo, och méi autonom kënnen schaffen. Grad dës Fro vun der Autonomie communale ass e wichtege Grondprinzip vum der Gemeengegestioun an eng néideg Konditioun, fir kënnen den Territoire an d'lokal Interête vun enger Gemeng selwer ze verwalten.

Déi éiweg Fro ass awer bekanntlech, bis wouhinner dës Autonomie communale geet. Fir déi gréng ass et wichteg, dat richteg Gläichgewicht ze fannen tëscht de Missiounen an den Aufgabe vum Staat, am Sënn vum nationalen Interêt général, an deene vun de Gemengen, am Sënn vum lokalen Interêt général, déi, wéi mer jo alleguer heibanne wëssen, net automatesch iwwereneestëmmen, geneesou wéi och d'lokal Interête vun zwou Nopeschgemengen net forcément déi selwecht sinn.

D'Autonomie vun enger Gemeng hält do op, wou den nationalen Interêt général priméiert, zum Beispill am Environnement oder an der Landesplanung, an natierlech och do, wou se mat der Autonomie vun der Nopeschgemeng kollidéiert, a se däerf och net als Virwand gëllen, fir noutwendeg Reformen am Interêt vum Land ze blockéieren.

Wichteg ass fir déi gréng awer, datt d'Gemengen, fir hir kommunal Aufgabe kënnen effikass ze erfëllen, déi néideg Instrumenter a Moyenen zur Verfügung gestallt kréien.

Här President, da kommen ech och schonns zu mengem leschte Punkt, allerdéngs engem ganz zentrale Punkt vun dëser Reform: Méi Autonomie ass och ëmmer mat méi Eegeresponsabilitéit verbonnen. Dat gëllt fir d'Mënsche geneesou wéi fir d'Gemengen!

Et ass also an Zukunft immens wichteg fir d'Gemengen, sech am Virfeld ofzesécheren, datt déi Akten, bei deenen d'Approbatoun vum Ministère ab elo entfält, wierklech conforme zur Legislatioun sinn, well wa se dat net sinn, kënnen se och mat den neie Reegelen nach ëmmer vum Ministère réckgängig gemaach ginn, wat schwéier Konsequenze ka mat sech bréngen!

Grad an deem Kontext ass et awer och ëmsou méi wichteg, datt d'Gemenge kënnen op e performanten a kompetente Berodungsservice vum Inneministère zrëckgräifen, deen hinnen am Zweifelsfall d'Conformitéit vun enger Decisioun am Virfeld ka confirméieren. Der Direction du conseil juridique kënn do natierlech eng essenziell Roll zou. Hei ass et, wou d'Musek an Zukunft muss spillen, wann aus Tutelle a Kontroll eng berodend a partnerschaftlech Relatioun soll ginn.

Ofschléissend wëll ech der Rapportrice nach e grouse Merci fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport soen, an ech ginn domat den Accord vun der grénger Fraktioun.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Hansen. An d'Wuert geet direkt weider un den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

M. Jeff Engelen (ADR) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll mech haut ganz kuerz faassen. Meng Virriedner hu quasi dat meescht gesot, wat ze soen ass. Dëst Gemengegesetz gëtt an Etappe reforméiert, zum Beispill ass d'Procuratioun méiglech, och wann een dat net soll generaliséieren, an am Fong geholl, wat een och muss soen, d'Autonomie vun de Gemenge gëtt gestärkt, och natierlech mat där néideger Responsabilitéit hannendrun, an d'Transmission électronique ass och méiglech.

Ech wollt awer elo op eppes opmierksam maachen: Virun 30 Joer hunn ech ugefaangen am Gemengerot, do ware mer fënnf Beamten, haut, 30 Joer méi spéit, iwwer zwielef, wann et domadder duergeet – de Carlo ka mech korrigéieren –, ech mengen, et sinn der nach méi! Ech mengen, dat beweist jo schonn eleng, wéi komplex déi ganz Matière an de Gemenge ginn ass. An do muss een och eng Kéier drun denken, do eng Kéier Remedur ze schaffen, well dat do schéngt ëmmer méi grouss ze ginn an et gëtt och natierlech ëmmer méi Verantwortung, d'Gesetzter gi méi komplex. Mee ech mengen, dat do ass en Zäitrame vun 30 Joer, wou dat esou evoluéiert huet. Ech mengen, doriwwer muss ee sech eng Kéier Gedanke maache fir d'Zukunft.

Merci fir Är Opmierksamkeet.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Engelen. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, et ass un Iech.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Merci der Madamm Simone Asselborn-Bintz fir dee gudde schrëftlechen a mëndleche Rapport, soudass ech net méi op all déi eenzel Punkte muss agoen.

Et ass elo déi éischt Etapp, an et ass och elo véier, fënnf Méint hier, dass mer jo hei driwwer geschwat hate mat all de Proposen. Do hat ech der jo ganz vill ubruecht, soudass ech op déi nächst zwou, dräi Etappen nach hoffen, dat déi eenzel Punkte mat kënnen ëmgesat ze ginn, ouni elo nach eng Kéier ze widerhuelen, wat ech deemools scho gesot hat – mir hunn de Moien nach e volle Programm!

Dat mat der Procuratioun, dat begrëisse mir Piraten natierlech, well dat ass net nëmmen eppes Klenges, esou gesinn, wat ka geschéien, et ass nämlech a sech an der politescher Landschaft d'Méiglechkeet, dass an Zukunft och Koalitiounen zustane kommen, déi op nëmmen ee méi ziele mussen. Soss war et ëmmer esou, dass een e bësse méi wackeleg war oder e bësse gefaart huet, wann nëmmen eng Stëmm Majoritéit war. D'Procuratioun erméiglecht do elo awer a sech eng aner politesch Landschaft duerch dëst Gesetz.

Dass d'Interessekonflikter elo kloer gereegelt ginn, begrëisse mer, an dass natierlech den elektronischen Transfert elo kënn, dat kënnen mer als Piraten just begrëssen.

Ech hunn haut eng Motioun matbruecht fir nach méi Transparenz an de Gemengeréit. Et ass nämlech e Sujet, dee jo och opkënn. Mir hu virun iwwert d'Veidekonferenze geschwat, mee d'Motioun hunn ech haut matbruecht, fir dass mer en obligatoresche Livestream géifen aféieren. Do ass d'Iddi derhanner: Et si verschidde Gemengen, déi hu schonn e Livestream, wou d'Bierger kënnen nokucken, ouni sech an de Gemengerot ze deplacéieren, wou se och kënnen eppes nokucken, no der Aarbecht oder week-ends, wat am Gemengerot geschitt ass. Dat ass fir eis einfach e ganz groussen Deel vun der Biergerbedeelegung an och vun der Transparenz.

Dofir, well dat heiten elo haut déi éischt Etapp ass, hunn ech d'Motioun matbruecht, fir dass mer kënnen driwwer diskutéieren an driwwer ofstëmmen, datt mer sollen an Zukunft dohinnergoen, dass mer de Bierger vill méi Méiglechkeete ginn, wat d'Transparenz an och wat d'Nosiche vun de politeschen Dossieren ugeet.

Motion 1

D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:

– Gemengerotssitzung sinn nom Prinzip vum Artikel 21 vum Gemengegesetz alle Biergerinnen a Bierger éffentlech zougänglech;

– d'Effentlechkeet an d'Transparenz stäerken d'Demokratie an d'Unerkennung vun den demokratischen a rechtsstaatlechen Institutiounen, well d'Bierger d'Decisioune vun hire Volleksvertrieeder novollzéien an och a Fro stelle kënnen;

– Effentlechkeet an Transparenz stäerken d'Vetraue vun de Bierger an d'politesch Decisiounen an Hëllef géint d'Veebreede vun Desinformatioun;

– d'Effentlechkeet an d'Transparenz vu Gemengerotssitzungen si Verbesserungswierdeg, well d'Sitzungen oft während de regulären Aarbechtszäite vu ville Biergerinnen a Bierger stattfannen, d'Bierger sech zu där Zäit physisch an d'Gemeng deplacéiere müssen an dofir Congé missten huelen an och, well d'Plazen am Sall vum Gemengerot limitéiert sinn;

– den Internet ass e Mëttel, dat als Bréck tëschent de Bierger an der Politik ka genotzt ginn, a verschidde Gemenge bidden op där Basis eng Live-Iwwerdroung vun hire Gemengerotssitzungen am Videoformat un, déi nom Ofschluss vun der Sitzung integral um Internetsite vun der Gemeng ze fannen ass.

Aus dese Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:

1. eng Dispositioun anzeféieren, déi d'Live-Iwwerdroung vu Gemengerotssitzungen souwéi d'Publikatioun vun de Sitzungen um Internetsite vun der Gemeng am Toun- oder Videoformat obligatoresch mécht.

(s.) Marc Goergen.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | A fir d'Gesetz wäerte mer den Accord ginn.

Merci.

Une voix | Ganz gutt!

M. Fernand Etgen, Président | D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Inneministesch Taina Bofferding.

Prise de position du Gouvernement

Mme Taina Bofferding, Ministre de l'Intérieur | Nun, Här President, haut ass e gudden Dag, e gudden Dag fir d'Gemengen, well Verbesserung kommen, an ech fannen, et ass och e gudden Dag, well allequerten d'Fraktiounen sech hei eens sinn, dëst Gesetz ze stëmmen, genau esou wéi ech et wollt: „matenee fir eng modern Gemeng“!

Ech ka mech gutt erënneren un de Juli 2019, dat war zu Nidderaanwen – do waren och Verschiddener vun Iech dobäi –, do hate mer e gutt gefüllte Sall, an dat war deemools de Startschoss fir d'Refonte vum Gemengegesetz. An ech hunn deemools gesot, dass fir mech d'Zäiten eriewer sinn, wou vun uewen erfoktiéiert gëtt, wéi Saachen ze geschéien hunn, mee dass mer eebe Leaderinnen a Leader brauchen, déi d'Leit beieneebréngen, déi d'Leit mathuelen an eeben zesummen – mateneen – u Léisunge schaffen.

A genau dës participativ Approche, dee Mateneen, deen zitt sech wéi e roude Fuedem duerch eis ganz Reformen: Iwwer 6.300 Leit aus 98 Gemengen hunn an eise Regionalforen un den Online-Émfroen, Biergeratelieren oder Workshoppen deelgeholl. An déi dräi Piliere vun enger Gemeng – also déi Gewielten, d'Personal an och d'Biergerinnen an d'Bierger – sinn ëmmer consultéiert ginn, an ech mengen, dat ass och e ganz staarkt Zeechen, wat sech hei an der Refonte erëmfënnt.

Et ass scho vu verschiddene Riedner gesot ginn, dass mer déi grouss Refonte elo an eenzel Voleten opgedeelt hunn, dat eeben, fir esou kënnen Beräicher virzezéien. Dofir si mer haut – wéi soll ech soen? –, mir sinn nach net grad bei der Arrivée, mee ëmmerhin hu mer haut den éischten Etappesig!

Den zweete Volet, dee betrëfft d'Rechter an d'Flichte vun de Gewielten, an dozou hunn ech och schonn de Projet de loi – virum Summer misst dat gewiescht sinn – deposéiert, an do ass och de Code de déontologie dranner. Deen hate mer jo och ganz enk mam Syvicol zesummen ausgeschafft, soudass ech hoffen, dass de Staatsrot den Text séier wäert aviséieren an dass och d'Kommissioun hei hir Aarbecht kann ophuelen an dann natierlech am Idealfall fir déi nächst Mandatsperiod an de Gemenge schonn déi doten Dispositiounen kënnen zielen. Mee, wéi gesot, de Projet de loi ass deposéiert. All déi dote Punkten hu mer schonn zesummen opgeschafft.

Dann den drëtte Volet, d'Biergerbedeelegung: Do kann ech och bestätegen, dass mer ganz intensiv dorunner schaffen, an och hei hoffen ech, dass mer kënnen nach de Projet de loi zesummen deposéieren.

Mam éischte Volet gëtt hei d'Surveillance vum Interieur iwwert de Gemengesector grondleeënd reforméiert. Et ass néideg, de System ze moderniséieren an och e besseren Equilibre tëschent der Gemengenautonomie an der Surveillance kënnen ze schafen. Heibäi setze mer op Moderniséierung. Mir setzen op de Fortschritt, op d'Resilienz, an dat erreeche mer eeben duerch Digitaliséierung, duerch Dematerialiséierung an eeben och duerch eng Vereinfachung vun eise Prozeduren, déi mer hei ëmsetzen.

D'Rapportrice, där ech dann och hei wëll Merci soe fir hir Rapporten, ass ausféierlech op déi Punkten do agaan, an och Verschiddener vun de Fraktiounsprächer hu weesentlech Verbesserung schonn ervirgehuewen. D'Hallschent vun den Approbatiounen gi gekierzt. Dat ass net näischt, well ech weess, dass dat vill Leit an de Gemenge ganz vill Aarbecht kascht, dofir ass dat och e ganz gutt Zeechen. An, wéi gesot, mir féieren de System vun der Transmission obligatoire an. An et ass richtig: Domadder schenke mer de Gemenge méi Vertrauen, mir ginn hinne méi Autonomie an ergo och méi Responsabilitéit.

Ech mengen, dass d'Gemenge sech däers och duerch aus bewosst sinn. Ech ka mech och u Schrëftstécker vum Syvicol erënneren, an deenen ëmmer gesot ginn ass, dass si gäre méi Gemengenautonomie hätten, dass se gäre méi fräi an hiren Decisiounen wëlte sinn an dass eeben net ëmmer alles muss vum Staat ze vill virgi ginn. An ech mengen, och hei weist sech ganz kloer, dass mer dat néidegt Vertrauen an d'Gemengen an och an d'Syndicaten hunn, an et ass awer och richtig, dass et net bedeit, dass elo guer keng Kontroll do wär – au contraire! Et ass eeben dat Partenariat, dat mer aneschtlers definéieren. Mir sinn net nëmmen d'Kontrollleur, mee mir sinn och de Begleeder an de Beroder.

Dozou hu mer scho Circulären erausginn, dat ass eise méi traditionelle Wee. Mir wäerten nach weider Circulären un d'Gemenge ginn. Mir haten och elo kierzlech déi éischte Kéier „Assises du MINT“ organiséiert, wat och e Risesuccès war, wou ganz vill Leit waren, an et kommen elo nach regional Workshoppen, wou souwuel déi Gewielte wéi och d'Personal invitéiert sinn a wou nach eng Kéier alles erkläert gëtt respektiv, wann och Froe sinn, selbstverständlech direkt op der Plaz alles ka gereegelt ginn, fir esou eeben eiser Roll als Beroder kënnen gerecht ze ginn.

Wat spezifesch d'Personaldossiere betrëfft – dat war jo e Punkt, deen den Här Wolter opgeworf huet –: Jo, absolutt, d'Personaldossiere sinn e Beräich, wou ganz vill Gemengen och op eis zrëckgräifen, well sech do eng Rëtsch Froe stellen, net ëmmer direkt gewosst ass, wéi ee Verschiddenes sollt reegelen. Also, mir schwieft vir, do an d'Richtung ze goen, dass mer eng Kéier e „CGPO communal“ géifen aféieren.

Ech mengen, dass dat e gudd System wär, wou mer herno wierklech ... Ech mengen, dat ass och vum Syvicol an och vun de Gewerkschafte scho gefuerdert ginn, dass mer eeben dee Moment och esou en Departement hunn, dat reng déi doten Dossiere wäert traitéieren, wou mer dee Moment do och nach eng Kéier kënnen eng weider Berodung an Begleedung fir d'Gemenge ginn.

Mee bon, bis mer déi nächst Etappen do kënnen ugoen, dauert et warscheinlech nach e Moment. Dofir hu mer awer scho bei eis intern de Staff ... also, mir hu scho méi Leit agestallt, fir eebe grad am Virfeld Gemengen do besser kënnen ze begleeden, besser kënnen ze beroden, fir dass déi Froen dann deementspreechend grad bei der Rekrutierung dee Moment scho kënnen gekläert ginn.

Et ass meng fest Iwwerzeegung, wa mer vu moderne Gemenge schwätzen, vu moderne Verwaltungen, dass ee sech muss Prozeduren an Delaie ginn! Dat maache mer jo och elo beim Interieur, mir ginn eis selwer Delaieren. Den Delai vun den dräi Méint, dat ass en Novum fir eis, mee, wéi gesot, wa mer vu moderne Verwaltungen schwätzen, da fannen ech et net méi wéi evident, dass mer da bei eis selwer ufänken an eeben och den Interieur sech deementspreechend muss opstellen. Dee Prozess hu mer och scho viru Laangem ugefaangen, fir eeben och do alles en place ze setzen. Och ganz vill nei Leit, nei Profiler hu mer rekrutiert, fir eeben hei d'Gemenge beschtméiglech kënnen ze encadréieren.

Duerfir erlaabt mer, Här President, well ech gesinn, douewe sëtze Leit vu menger Ekip, déi onbedingt haut wollte mat an d'Chamber kommen, well se nach ni an der Chamber waren, an ech wëll hinnen einfach e grouse Merci soen, well ech weess, dass se ganz vill Aarbecht haten an nach ganz vill Aarbecht fir si usteet. Mee ech si ganz zouversichtlech, dass mer déi nächst Etappen och wäerte packen. Si hu souzezoen „aus dem Nichts“ enorm villes hei geschafen, villes opgebaut, wat dann elo alles ënnert där Plattform, dem E-MINT, also dem elektronische MINT, ze fannen ass, déi selbstverständlech nach wäert weider ausgebaut ginn.

Mee och dat, wëll ech ganz kloer soen, hu mer alles inhouse gemaach. Dat hu si alles selwer kreéiert, dat eeben och zesumme mat de Pilotgemengen, mateneen, wéi mer et gären hätten, mat de Syndicaten, fir dass eeben déi Plattform esou userfriendly wéi méiglech soll sinn, dass ee wierklech eigentlech net vill Formatioun brauch, net vill muss erkläert kréien, mee dass d'Leit direkt kënnen domadder schaffen an och verstinn, wéi de System opgebaut ass.

Dat heescht, dass ab dem 1. Februar – dat wëll ech nach preziséieren – sämtlech Demarchen am Kader vun de Personaldossieren an och vun den Transaction-immobiliären iwwert den E-MINT kënnen ofgewéckelt ginn. Déi aner Dossiere kommen dann no an no, dat heescht awer och net bis éiweg, well mer och hei eis den Delai gesat hunn, dass de Prozess bis spëtstens Enn Januar 2025 muss ofgeschloss sinn. Dat heescht, dass ab dem 1. Februar 2025 da sämtlech Dossieren dee Moment, déi ganz Surveillance vun de Gemengen, iwwert den E-MINT wäerten oflafen.

Wéi gesot, dat ass och eng Ëmstellung bei eis am Haus, well mer amgaange sinn, alles ze digitaliséieren, mee ënnert dem Stréch wäerte souwuel am Interieur, mee virun allem och an de Gemengen, an de Syndicaten d'Leit un Zäit gewannen an et wäert och méi effikass kënnen geschafft ginn.

D'Digitaliséierung ass kee Selbstzweck! Et ass mer wichteg, dat nach eng Kéier ze preziséieren. Sécherlech, duerch d'Digitaliséierung kritt ee méi Transparenz

eran, mee virun allem ass et och méi en effikass Schaffen, well mer eeben hei méi Date kréien. Mir kréie méi Informatiounen an dat ass och wichteg, dass mer hei déi Daten tëschent de Gemengen an dem Interieur kënnen austauschen. Mir kënnen dat sammeln an dat hëlleft jo och herno erëm, déi richteg politesch Decisiounen kënnen ze huelen, fir eeben dann eng evidenzbaséiert Politik kënnen ze maachen.

Ofschléissend wëll ech nach eng Kéier dat widderhuelen, wat ech am Ufank gesot hunn: Mir si prett am Interieur! Mir si prett, d'Gemengen ze begleeten, ze beroden – ganz gären! –, wa se eis brauchen, an, ech mengen, déi meescht wëssen och, wou se eis fannen. A fir de Rescht si mer och prett, déi nächst Etappen ze goen, an, wéi gesot, déi Berodung wëlle mer weider ausbauen, duerfir wäert och elo esou eng Aart Servicedesk an den nächste Wochen etabliert ginn, deen dann och prett ass, wann dat heiten en vigueur trëtt. Dann hu mer och e Servicedesk, wou een eis praktesch 24 Stonne ka kontaktéieren a wou een natierlech och eng Äntwert kritt, fir eeben och hei, mengen ech, ganz kloer ... wou een einfach gesäit, dass et eis wierklech esocht gemengt ass, déi Berodungsfonction weider ausbauen.

An da sinn ech och sécher, dass mer déi nächst Etappen zesummekréien an ech hoffen, dass mer dann och déi nächst Gesetzter nach kënnen hei an der Chamber stëmmen, esou wéi mer et gären hätten: „Matenee fir eng modern Gemeng“!

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools der Madamm Inneminestesch Taina Bofferdung. D'Diskussion ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7514. Den Text steet am Document parlementaire 7514¹².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7514 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg uegoll.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Laurent Mosar), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Motion 1

Da musse mer nach iwwert d'Motioun befannen, déi den Här Goergen deposéiert huet. Wie wëllt d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? D'Madamm Simone Asselborn-Bintz.

Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP), rapportrice | Jo, merci, Här President. Merci, Här Goergen fir Är Motioun. Mir hunn elo de ganze Moie vu ganz vill Autonomie communale geschwat a vu Selbststännegkeet vu Gemengen – an elo kommt Der mat enger Motioun, déi grad u sech de Géigendele fuerdert, an zwar, dass eng nei Obligation fir d'Gemengen ass!

Dat heescht, mir sinn u sech der Meenung, dass dat do awer eng Fro vun der Autonomie communale, wéi ee seng public Gemengerotssitzunge matdeelt. Déi ass public, ech weess, dass jiddweree dat ka lauschtere kommen, kucke kommen. Ech weess och, dass dat vläicht net esou genotzt gëtt, wéi mir et vläicht gär hätten, dass et genotzt gëtt, mee dat kann awer all Gemeng fir sech organiséieren. Dat hänkt jo och e bësse vun de Gemengen of, vun de Ressourcë vun de Gemengen, vun de finanzielle Méiglechkeete vun de Gemengen, ob se dat do kënnen stëmmen, dat ass och en Deel. Op jidde Fall géif ech als LSAP-Fraktioun menge Leit soen, dat do net matzestëmmen an de Gemengen dat ze iwwerloossen, wéi se hir Gemengerotssitzunge bei d'Leit bréngen. Voilà.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Asselborn-Bintz. An da geet d'Wuert un den Här Michel Wolter.

M. Michel Wolter (CSV) | Ech wëllt, dass ee sech den Ausféierunge vun der Madamm Asselborn-Bintz uschléisst.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Wolter. Da geet d'Wuert un d'Madamm Myriam Cecchetti.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Jo, mir gesinn dat awer net esou! Also, mir wieren éischer dofir, datt d'Leit sollte besser informéiert ginn, an zwar kann een dat nëmme maachen, wann een op deen heite Wee geet, well d'Leit misste sech jo da minimum 12 bis 13 Deeg Congé huelen, fir kënnen an eng Gemengerotssitzung ze goen. Dat ass onméiglech!

Dat, wat mir awer géifen derbäisetzen, ass, datt et da misst onbedéngt eng logistesche a finanziell Ënnerstëtzung gi fir déi Gemengen, déi dat do net stëmmen kënnen, fir kleng Gemengen, fir deenen ze hëlfe, dat hei iwwerhaapt op d'Been ze setzen. Awer fir de Rescht si mir mat där Motioun hei ganz averstanen a mir wäerte se och matstëmmen.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An da geet d'Wuert un den Auteur vun der Motioun ... Fir d'éischt nach den Här Jeff Engelen.

M. Jeff Engelen (ADR) | Jo, merci, Här President. Ech géif mech gär de Wiederer vun der Madamm Asselborn-Bintz uschléissen. Dat do soll wierklech am Gemengeberäich decidéiert ginn, ob déi dat wëlle maachen oder net, esou wéi se och e Gemengebudget hunn oder all déi Saachen, déi se maachen, dat soll ee wierklech op fräiwëlleger Basis loossen an et soll een d'Gemengen net obligatoresch dohinner drécken, well dat ass mat Käschte verbonden, déi ka keng Gemeng droen.

Da wëllt ech nach – ech weess net, ob ech et gemaach hat oder net – der Madamm Asselborn-Bintz en häerzleche Merci soe fir de Rapport. Ech weess net, ob ech et gemaach hat oder net, mee ech wëll mech dann entschëllegen.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Engelen. An dann ass elo d'Wuert fir den Auteur, den Här Marc Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Et ass fir eis keen Agrëff an d'Autonomie communale. Mir schreiwen de Gemengen och fir, wéi den Ordre du jour muss sinn. Dir hutt de Gemengen elo virgeschriwwen, deen Ordre du jour misst public sinn. Bon, wat diskutéiert gëtt, wëllt Der dann net public maachen, dat ass eeben esou. Dir schreift den ...

Plusieurs voix | Dat ass public!

M. Marc Goergen (Piraten) | Ma nee, et ass net obligatoresch, et public ze maachen!

M. Sven Clement (Piraten) | Dir braucht 13 Congés-deeg am Joer!

M. Marc Goergen (Piraten) | Ech kéint elo vill Beispiller vu Gemenge bréngen, déi bréngen emol net de Verbatim. Déi eng Gemengen, déi hunn e bëssen e Verbatim, da sinn aner, déi hu just eng Tounfile. Natierlech ass d'Stad Lëtzebuerg exemplaresch: Déi hunn e Livestream, dee jidderee ka kucken an nokucken herno. Et ass eeben esou, wéi et sollt fonctionéieren!

An Dir kennt mer net soen, dass et eppes mat de Käschten ze dinn huet, ...

Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP), rapportrice | Ma dach!

M. Marc Goergen (Piraten) | ... well esou eng Infrastruktur kritt een zimmlech käschtegeescht. Mee Dir hutt awer virdrun hei d'Gesetz matgestëmmt, dass Der engem, dee Covid huet, erméigleche musst, mat där selwechter Technik um Gemengerot deelzehuelen. Do verstinn ech dann d'Kohärenz net, well Dir musst mat där selwechter Technik fir dee Stream ... hutt Der Iech selwer virdru verflücht, wann ee Covid huet. Ech war eng Kéier an deem Fall: Ech hat Covid an ech hu vun doheem aus iwwert de Stream matgeschafft a matgeschwat. Et ass eebe just, do muss ee kënnen awer schwätzen. Mee de Stream ass genau dat selwecht!

Dat heescht, de Käschtepunkt ass eigentlech guer keen Argumentaire, well Dir als Gemeng musst et hunn. Dat hutt Der selwer virdru gestëmmt. Also ass dat keen Argumentaire. A fir eis ass et och keen Argumentaire, dass ee seet: „Dat ass eng Autonomie communale“, well Der der Gemeng jo och virschreift, dass deen Ordre du jour um Internetsite muss sinn.

Firwat gi mer dann net hin a mir schafe méi Demokratie a méi Transparenz, andeems jidderee kann dee Gemengerot nokucken? Et ass jo näischt ze verstopen do. Et ass jo näischt Schlëmme. Et kann ee jo einfach nëmme kucken – a Faarf, emol net schwaarz-wäiss wéi fréier, mee a Faarf –, wat am Gemengerot diskutéiert gëtt a senger Gemeng. Also dat ass fir eis Piraten awer en Niveau vun enger Transparenz, deen e moderne Staat sech misst ginn.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Goergen. Dat geet d'Wuert nach eng Kéier zrëck un d'Madamm Asselborn-Bintz.

Mme Simone Asselborn-Bintz (LSAP), rapportrice | Ech wëll just preziséieren, dass ech net nëmme vum Käschtepunkt geschwat hunn. An ech hunn och net gesot, dass een net därer. Et si jo Gemengen, déi dat

do kënne maachen. Mee mir sinn net der Meinung, dass dat vun uewen erof soll festgehalen ginn. Jiddwer Gemeng kann dat maachen, wéi se wëll, esou wéi se et brauch a wéi se et néideg fënnt. Et ass dat, wat ech wollt soen.

(Interruption par Mme Cécile Hemmen)

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Asselborn-Bintz. An da freet nach den Här Clement d'Wuert.

M. Sven Clement (Piraten) | Et ass jo awer ... Pardon, et ass e bësse lächerlech, datt mer elo als éischt e Gesetz stëmmen, wou mer de Gemengen imposéieren, eng Technik ze hunn, fir déi Technik dann am Schaf verrotten ze loosse. Dat heescht, mir soen de Gemengen – helleg Gemengenautonomie, schéin a gutt –: „Kaapt dat! Dir musst et hunn, well wann ee vun Ärem Gemengeconseil Covid huet, da musst Der et deployéieren kënnen. Dir musst et also kafen!“ Dat ass och en Agrëff an d'Gemengenautonomie – de Käschtefaktor och. Se hunn et, se hunn d'Technik an da sot Dir elo, pardon, Dir heibannen, déi dat net matstëmmen: „Ma loosst déi Technik am Schaf, et interesséiert d'Biergerinnen an d'Bierger dach net! Solle se dach Congé huelen, fir an de Gemengerot ze kommen!“ Wann dat d'Transparenz vun der Majoritéit hei ass, dont acte.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Clement.

Ech mengen, da kéime mer elo zum Vott vun dëser Motioun.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Motioun ass bei 4 Jo-Stëmmen a 56 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Résultat définitif après redressement : la motion 1 est rejetée par 4 voix pour et 55 voix contre.

Ont voté oui : MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emilie Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. Gusti Graas), Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, M. Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par Mme Simone Asselborn-Bintz) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

6. 7828 – Projet de loi portant sur la modification :

1^o du Code de la sécurité sociale ;

2^o du Code du travail ;

3^o de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;

4^o de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux

Mir kommen elo zum Projet de loi 7828, eng Upassung vu verschiddenen Arrête vun der Cour de justice am Kader vun den Allocations familiales. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo direkt de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration

M. Max Hahn (DP), rapporteur | Merci, Här Président. Sait zirka 40 Joer ass d'Recht op Kannergeld fest am Gesetz verankert. All Kand mat engem legale Wunnsätz zu Lëtzebuerg huet d'Recht op dëse sozialen Transfert.

Do dernieft kënnen awer och d'Kanner vun de Frontalieren ënner gewëssene Konditiounen vun der Allocation familiale profitéieren; dat, well d'Kannergeld eng Prestatioun ass, déi ënnert d'Reegele vun EU-Reglement iwwert d'Koordinatioun vun de Sozialversicherungssystemer fällt an doduerch all Mënsch, deen zu Lëtzebuerg schafft, Usproch op d'Kannergeld huet, ganz nom Prinzip vum der Égalité des travailleurs.

2021 hunn zu Lëtzebuerg ronn 196.000 Kanner vun dëser Prestatioun profitéiert. Zirka 118.000 Famillje kruten d'Allocation familiale vum Familljeministère accordéiert. 50 % dovunner ware fir Famillje mat engem Kand, 37 % dovunner ware fir Famillje mat zwee Kanner, 10 % fir Famillje mat dräi Kanner an 3 % fir Famillje mat véier oder méi Kanner. De gesamte Käschtepunkt fir de Staat louch 2021 bei ronn 940 Milliounen Euro.

Wat déi genee Konditiounen vum Recht op d'Kannergeld betrëfft, baséiere mer eis den Ament op d'Gesetz vum 23. Juli 2016. Dat ass déi lescht Reform, déi mir hei zu Lëtzebuerg an dësem Beräich ëmgesat hunn.

Sait 2016 kënnen Aarbechter, déi net hei am Land wunnen, just nach Kannergeld fir hir eege Kanner ufroen, dat heescht fir hir gebierteg oder Adoptivkanner. D'Kanner vum Partner falen deemno net méi ënnert dëst Recht. A genee dës Reegelung gouf vum Europäesche Geriichtshaff condemnéiert.

D'Cour de justice huet nämlech an hirem Urteel vum 20. Abrëll 2020 kritiséiert, dass all Kand, dat zu Lëtzebuerg wunnt, ka Kannergeld kréien, während just déi leiflech oder Adoptivkanner vun de Frontalieren Urecht op dës Prestatiounen hunn. Hirem Urteel no géifen d'Residenten also par rapport zu de Frontalieren bevirdeelegt ginn, wat géint déi europäesch Gesetzgebung verstéisst.

Als Äntwert dorop hunn d'Auteurs vun dësem Projet de loi versicht, nei Krittären opzestellen, wat d'Recht op Kannergeld betrëfft. Si hunn direkt e puer Pisten analyséiert, op déi ech elo net méi wäert am Detail ze schwätze kommen, well dat d'Envergere vun dëser Ried haut géif sprengen. En cours de route goufen dës Krittären dunn och zweemol amendéiert, fir den Opposition-formell vum Staatsrot Rechnung ze droen. Fir d'Detailer verweisen ech hei op mäi schrëftleche Rapport.

Déi final Léisung, déi mir an der Familljekommissioun zréckbehalen hunn, gesäit elo Folgendes vir: Nieft hire leiflechen oder Adoptivkanner kënnen d'Frontalieren an Zukunft och Kannergeld fir d'Kanner vun hirem Partner oder hirer Partnerin ufroen, dat ënnert der Konditioun, dass de Frontalier fir den Ënnerhalt

vun dëse Kanner opkënn an zesumme mat hinnen an der Partnerin oder dem Partner e permanente legale Wunnsätz deelt. De Krees vun de Beneficiairë gëtt also erweidert. Wat d'Residentë betrëfft, bleift alles beim Alten.

A senger éischter Versioun hat dëse Projet de loi nach eng weider grouss Adaptatioun beim Kannergeld virgesinn, nämlech d'Reindexéierung vun der Allocation familiale. Dëse Punkt gouf dunn awer scho mam Akraafttriede vum leschte Budgetgesetz, fir d'Joer 2022 also, virgezunn, soudass mir en aus dësem Gesetzesprojekt konnte sträichen. D'Kannergeld gouf jo bekanntlech, wéi Dir et wësst, mam Budgetgesetz réckwierkend op den 1. Oktober 2021 reindexéiert.

Ier ech op den nächste Punkt vun dësem Projet de loi ze schwätze kommen, wëll ech Iech als éischt nach e puer Statistiken iwwert d'Kannergeld presentéieren.

Fir d'Residentë läit de Montant vun der Allocation familiale aktuell bei 285 Euro pro Kand a pro Mount. Dëse Montant gëtt dann ëm 22 Euro majoréiert fir Kanner ab sechs Joer an ëm 54 Euro fir Kanner ab zweielef Joer. D'Zil vun dëse Majoratiounen ass et, d'Kannergeld an d'Depensé vun de Familljen unzepassen, déi jo bekanntlech mam Alter vum Kand an d'Luucht ginn.

Fir d'Non-Residentë variéiert de Montant vun der Allocation familiale dogéint a Funktioun vun der Héicht vum Kannergeld, dat si an hirem Heemechtsland kréien. Am Fall, wou d'Lëtzeburger Allocation méi héich ass wéi déi, déi am Nopeschland accordéiert gëtt, iwwerweist de Lëtzeburger Staat e Complément différentiel un déi betrafte Persoun.

Wa mir dann e Bléck op d'Statistike vum Kannergeld werfen, gesi mir, dass 47 % respektiv 449 Milliounen heivun 2021 exportéiert gi sinn, de gréissten Deel dovunner a Frankräich mat ronn 254 Milliounen Euro, op der zweeter Plaz d'Belsch mat 96 Milliounen Euro an Däitschland dohannert mat 70 Milliounen Euro.

Här President, nieft den Adaptatiounen beim Kannergeld proposéiert de virleiende Gesetzestext dann och nach eng Ännerung beim Congé parental. Den Europäesche Geriichtshaff huet nämlech, och wat dëse Beräich ugeet, mam béise Fanger op Lëtzebuerg gewisen. De Code de la sécurité sociale gesäit den Ament vir, dass een Elterendeel gläichzäiteg zwou Konditiounen muss erfëllen, fir de Congé parental kënnen unzefroen: Éischters muss d'Persoun um Moment vun der Gebuert oder dem Accueil vum Adoptivkind bei der Sécurité sociale affiliéiert sinn, an zweetens muss d'Persoun während mindestens zweielef Méint direkt virum Ufank vum Congé parental geschafft hunn, an dat ouni Ënnerbriechung.

An hirem Urteel vum 27. Januar 2021 (veuillez lire: 25. Februar 2021) huet sech d'Cour de justice allerdéngs géint déi éischt Konditioun ausgeschwat, well een doduerch deenen Elteren, déi de Moment vun der Gebuert net schaffen, d'Méiglechkeet ewechhëlt, hire Congé zu engem spéideren Zeitpunkt nozehuelen, zu engem Zeitpunkt, wou si nees eng Aarbecht hunn an dëse Congé kéinten notzen, fir sech ëm hiert Kand ze këmmern.

Dem Europäesche Geriichtshaff no verstéisst de Lëtzeburger Droit mat dëser Konditioun géint dat individuell Recht vun all Aarbechter op e Congé parental, e Recht, dat all EU-Memberstaat muss garantéieren.

Als Reaktioun op dëst Urteel proposéiert de virleiende Gesetzestext, déi éischt Konditioun aus dem Artikel 306 vum Code de la sécurité sociale, aus dem Code du travail an aus de Statute vun de Fonctionnaires ze sträichen. An Zukunft bleift also just nach de Krittär bestoen, dass d'Persoun, déi de Congé ufreet,